



Den seriöen Hand-Out.

1) Grouss Skepsis vis-à-vis vun den Assisen

- D'Kulturassisen sinn een immens intransparente Prozess, an deem de Kulturministère zu all Moment d'Kontroll behält. Et goufe véier ganz vague Froe rausgesicht an een Ordre du Jour zesummegehalt, dee keng Plaz fir oppen Diskussiounen oder eege Virschléi léisst.
- D'Jugend gouf ausgelooos. Et gëtt net probéiert Schüler*innen, Studéierender (ëmmerhin 1'200 an de kreative Fächer) oder d'Berufsuufänger*innen anzebannen, weder am Virfeld nach fir d'Assisen selwer - an dat opschonns et em d'Zukunft vun der Konschtzeen goe soll.
- D'Resultater sinn net verpflichtend. Firwat sollt een op ee Kulturentwécklungsplang hoffen, wann d'Politik de Pacte culturel, deen 2008 all d'Parteien ennerschriwwen hunn, och komplett ignoréiert huet?
- Mir gesinn dat Ganzt engersäits als Profiléierungsversuch vum Xavier Bettel, dee kuerz virun de nächste Wahle méiglechst elegant de Kulturbudget erhéije wëll, anerersäits als Berouegungs- a Beschäftigungsmesure vis-à-vis vun der Konschtzeen, fir do een oppent Ouer virzetäuschen.

2) Mir hu keng Loscht brav matzespillen

- Dass net méi Konschtschafender op d'Barrikaden ginn, ass enttäuschend. Eng Kéier méi weist sech de Konschtmillieu als Usammlung vun Eenzelkämpfer*innen, déi all em hier Grimmelen vum Kuch fäerten.
- Richtung22 gehéiert zu der jonker Generatioun u Kënschtler*innen, déi mat hiere Projeten an dësem Land keng Perspektiven huet. Vum Kulturministère gëtt et fir Jonker Tipps an d'Ausland ze goen oder Proff ze ginn a Konscht niewebäi ze maachen.

3) Mir fuerderen eng aner Kulturpolitik

- Amplaz iwwer Visiounen fir d'Konschtzeen ze philosophéieren, wëlle mir de Funktionnement vun der Kulturpolitik siichtbar maache, kritiséieren an Alternativen opweisen.
- Dofir hu mir en Dossier mat folgenden Haapt-Achsen ausgeschafft:
 - D'Entwécklung vum Kulturbudget zanter 1991 weist, wéi kulturpolitesch Verantwortung vum Ministère un d'Institutiounen iwwerdroe gouf. 86% vum Kulturbudget fléisse mëttlerweil direkt un ëffentlech oder staatlech Institutiounen - bei der direkter Projetsfinanzéierung gouf et zanter 20 Joer keng Ännerung.
 - De Fokus op Institutiounen zitt Problemer mat sech. D'Kreatioun gëtt ageschränkt, den Aarbechtsmarché ass en Albdram, d'Förderung vun Innovatioun an Nowuess gi vernoléisst an e Groussdeel vun der Gesellschaft net ereecht.
 - Mir weisen, dass dës Problemer gewollt sinn a Lëtzebuerg bewusst op eng parasitär a jugendfeindlech Kulturpolitik setzt. Et gëtt sech un der Consommatioun an um Prestige orientéiert, Standuertpolitik fir d'Wirtschaft gemaach an e prekariséierte Kënschtler*inne-Millieu zougeloss.
 - Alternativen zeechne mer op andeems mer véier net-aktivéiert Potentialer opzielen: D'Virdeeler vu lokal verankerter Kulturproduktioun, d'Potential vun der gutt ausgebildeter Jugend, nei Produktiouns- an Distributiounsmëttel an de Virdeel vu Nischenproduktioun.
 - Notzbar géifen dës Potentialer doduerch ginn, dass d'Finanzéierung vum Ministère direkt an d'Kreatioun a vun do eréischt weider an d'Institutiounen fléisst. Méiglech wier dat iwwert eng Opwärtung vun der FOCUNA.
 - Mir weisen och zwee ganz konkret Virschléi, d'Erheijung vun der direkter Projetsfinanzéierung an e Stipendieprogramm fir Jonker.